

Engem gudden an treie Komerod zum Gedekken.

Den 9. Juli~~h~~ hun Didelenger enrôlés de force e gudden a treie Komerod verluer~~t~~ An aller Stöll go'w, op Wonsch vu senger Famill, de Barthels Marcel um âle Kierfech begruewen.

Hie war gebueren zu Berdorf den 3.9.1921. Nom 9te Scholjoer zu Dideleng, wuer seng Elteren gezun waren, kum hien mat 15 Joer an d'Lé'erbud op Didelenger Schmelz fir D'réherhandwierk zu lé'eren. De vré'en Dod vum Marcel senger Mam bruecht z'senger Famill en harde Schlag an dofir, huet hien sech, als élsten vun zwé Jongen schons 1941 mam Irène Stranen, och vun Dideleng bestuet.

An den RAD go'w de jongen Familiepapp den 4.10.1942 no Adelnau a Polen verschléft. Hei entlôss den 28.2.1942, huet hien, no knapp 10 Dég a sengem Familiekrés, den 7.1.1943 missen den Wé an d'Wehrmacht untrieden. An de Kasären zu Reutlingen, go'w hien als "tropenfähig" mat nach 6 Letzeburger iwert Griechenland op d'Insel Rhodos geflunn. Schons um Wé heihin kumen d'Letzeburger Jongen mam Schrecken derfun, nodem dass Transporten a verschidden blutegen Zweschfäm~~er~~ verweckelt waren. Wé preis~~sch~~ Besatzung vu Rhodos sich Enn März erginn hat, kum hien den 1.4.1945 bei d'Engländer a Gefängenschaft. Déi 7 Letzeburger nach ömmer beienén hun sech d'önn freiwelleg an d'Letzeburger Batterie gemellt. Opschon démols Letzeburg seng Freihét erem hat go'w, wé bekannt, reichlech wéneg ennerholl fir d'letzeburger Kanner aus der Ffremd erem sé'er hém zu hueln. An eso blow och de Marcel mat sengen 6 Komeronden bis Ufangs 1946 an Ägypten. Hiren Openthalt war heihém bekannt weil sie önn'er änerem och hém schreiwen konnten. Vierwät huet ons Régierung néischt önn'erholl vier hier Bierger déi duerch d'Preisen verschléft gi waren an d'Hémecht zereck zu huelen? Huet d'Parol vum Här Bech nach ömmer gegéllt? Hei dohém wé' an England: "wät machen ech mat déne Letzeburger hei zu London" - "wat machen ech mat den Zwangsrekruté'erten hei zu Letzeburg" (esou lang ech net erem fest a secher am Soudel setze Wann Ursachen an Ausrieden fléit fir Tambow a Russland kenne gesicht ginn, da froe mir ons firwät äwer Letzeburger bei den Engländer net konnten hémgeholl gin?! Schliesslech go'wen "ons 7 Letzeburger" bis a Schottland an hir englesch Stammkompanie zereckbruecht fir entlôss zu gin. Och op der Hémrés iwert London sön se net fein eraus. Hir Pönn'er (aus engleschem Sold gespuert) dirfe sie net mat hém huelen. Esou musse sie se zum grés'sten Dél fir Dommhéten ausginn, während z.B. de Marcel als jonge Familiepapp se bestemt dohém gudd gebrauchen hätt können. Endlech den 24.2.1946 landen sie zu Letzeburg. Statt d'Jongen op schnellsten Wé hém zu fé'eren kommandé'ert "én Zuständegen sie fir nach eng Nuecht an d'Kasären. Awer dat war eng Rechnung o'ni de Wiert! Ons Jongen zecke net lang a verschwannen an di verschidde Richtungen hém an hier Familien. Schons dan 23.3.1946 gött de Marcel Member vun dem Didelenger Sektio'ns Komité vun der Ligue "Ons Jongen" an dém häén bis zu senger Rémissio'n am Abröl 1971 bleiwt. Emmer am Dingscht vu senge Komeroden wor hien "Trésorier-adjoint" vum 1.4.1948 bis den 1.2.1960. Vum 2.2.1960 bis den 1.10.1963 "Secrétaire-adjoint" bi hien nom Do'd vum Secrétaire Mohren Félix sei successeur go'w. Dem Marcel seng Arbecht als Didelenger Sektio'nssekretaire war eso'wuel vun den Didelenger Enrôlés de Force s'ler apprécié'ert wé och vun de Komeroden aus den Zentralkomitéen. All seng Freizeit huet hien fir d'Cause vun den Zwangsrekruté'erten geaffert. . Dank sengem Schaffen, opgebaut op der Léschtong vu sengem Viergänger dem Mohren's Félix, verfügt d'Sektio'n Dideleng als eng vun dénen élsten a grés'sten Sektio'nen, net nëmnen iwert eng ~~ganz~~ mustengätteg Organisatio'n, mé och iwert eng ganz gudd Dokumentatio'n a wertvoll Archivematériel.

Ké Wonner dass de Marcel 1960 Matgrenner vum "Comité d'Action" war. Als "secrétaire-trésorie" vun der Eltereveréngung, Sektio'n Dideleng, huet hien gehollef des Problémer vun den Elteren vun onsen onglecklechen Komeroden ze Méschteren.

Fir seng geléschten Arbecht go'w hien 1965 mam "ruban en argen" ausgezéchent.

Schwé'eren Herzens huet de Sektio'nskamité missen dem Marcel seng Démissio'n aus beruflech-an gesonhétleche Grënn accepté'eren. Mé domadden hât hie sech net vun allem zereckgezun. Au Contrat, mat Rod and Dod, gefälleg an zu jidder Zéit stung hien sengem Nofolger zur Verfügung. Nach 14 Dég viru sengem Do'd wor hien u Bespriechnungen am Sekretariat bedélegt.

A Sportskrésen war de Barthels Marcel och kén Onbekannten. A senge jonge Joeren, vun dénen Preisen him praktesch méi wie dé 3 Beschte gestuel' hâten, war hén e gudden Leichtathlétiker, den am Lâfen verschidden sché'ën Erfolgen opzeweisen hât.

Op senger Arbecht wor hien vu sengen Arbechtskollégen geschât a vu sengen Virgesetzten respekté'ert. Seng Fachkenntnissen a sengem Beruf als Dré'her a Fräser ware bekannt, an e spezial Kursus dé lescht Joeren am Ausland hât hien op d'Missio'n vum Virarbechter préparé'ert.

Seng Krankhét ko'm iwerraschend. Trotz sengem Courage an dem Affergéscht vu senger Famill konnt dat Schlemmst net verhënnert ginn. Brutal go'w de Marcel aus sengem Familiékris a vu sengen Komeronden gerass. Obschon sei schwé'ert Leide bekannt, waren all seng Komeronden bei der Noricht vu sengem Do'd bis dé'f an d'Hierz erschreckt.

De Marcel war e ro'egen an é'erebaze Komerod dén oni gro'ss an d'Offentlechkét ze trieden, desto mwer méi trei an onégennötzlech sech Fortwährend an den Dingscht vu senge Matbierger gestallt huet. Hie liewt net méi ënner ons, awer sein Undekken ass net mat him fortgägen. Trei ëmm Trei a Lé'wt ëmm Mé'wt. Eso bleiwt de Marcel an denen honnerten Herzen vu sengen Komeroden, Frenn a Bekannten verankert. Dass der Verbonnenhét iwert Graf eraus senger Fra, senge Kanner a sengem Papp en Tro'scht ass an dem schwé'eren Lédwat sie iwerkom huet.

Amicale des Enrôlés de Force  
Section DUDELANGE